Newsletter 1 | 2026/2027, 1. Trimester

LYCÉE JOSY BARTHEL MAMER




Inhalt:

1. Wuert vun der Direktioun
2. Elterenowenter
3. Save the date
4. Remediatiounen
5. Activités péri- et parascolaires
6. Edukativ Sortien, Visitten a Schoulreesen
7. Perturbatiounen am Busverkéier 2026/2027
8. KI-Kompass
9. Kontakter
10. Réckbléck

## Wuert vun der Direktioun

Léif Elteren, léif gesetzlech Vertrieder,

mir hoffen, datt de Schoulufank fir Äert Kand gutt verlaf ass an datt dat neit Schouljoer vill nei Erfarungen, Fortschrëtter an Erfolleger bréngt.

Zesumme mat der ganzer Schoulgemeinschaft ass et eis wichteg, all Schüler an all Schülerin an engem rouegen, usprochsvollen a respektvolle Kader ze begleeden.
Eise Wonsch an eist Zil ass et, déi Jugendlech an hirer Entwécklung ze ënnerstëtzen an hinnen ze hëllefen, méi selbststänneg a verantwortlech ze ginn.

Dëst ass nëmme méiglech duerch eng gutt Zesummenaarbecht tëscht Schüler, Elteren, Enseignanten an de verschiddene Servicer vun der Schoul. Dialog, Vertrauen an eng kohärent Approche si wichteg, fir all Jonken optimal ze ënnerstëtzen.

An dësem Sënn wëlle mir Iech iwwer e puer Ännerungen informéieren.

Mat der Zoustëmmung vum Conseil d'éducation däerfen d'5e-Schüler elo an der Mëttespaus d'Schoul verloossen. D'Schüler aus de 7e a 6e-Klassen däerfen de Schoulterrain wärend dëser Zäit weiderhin net verloossen.

Och verschidde Remediatiounsmoossname goufen ugepasst, fir besser op d'Besoine vun de Schüler anzegoen an si méi effektiv beim Léieren ze ënnerstëtzen.

Ausserdeem hu rezent PISA-Resultater gewisen, datt Smartphones en Afloss op d'Opmierksamkeet an d'Konzentratioun vun de Kanner kënnen hunn. De Minister Claude Meisch huet dofir ugekënnegt, d'Handysverbuet vun de Cyclen 2-4 och un d'Lycéeën ze iwwerdroen.

Aus dësem Grond sinn Handyen ab dësem Schouljoer fir Schüler vun der 7e bis 5e wärend der Schoulzäit net méi erlaabt. Schüler, déi en Handy mat an d'Schoul bréngen, mussen en moies bei hirer Arrivée an hir Case leeën an däerfen en eréischt no hirem leschte Cours erëm eraushuelen. Bei engem Reegelverstouss gëtt den Handy konfiszéiert a kann nëmme vun den Elteren oder de gesetzleche Vertrieder am Büro vun den Assistenten tëscht 8.00 an 16.00 Auer ofgeholl ginn.

Dës national Moossnam soll d'Konzentratioun, den Austausch tëscht de Schüler an e gutt Léierëmfeld férderen. Gläichzäiteg geet et drëm, déi Jugendlech ze responsabiliséieren an e bewossten Ëmgang mat digitalen Outilen ze férderen.

Mir erënneren Iech och drun, datt dat elektronescht Klassebuch e wichtegt Instrument fir de Suivi vun der Schoulzäit vun Ärem Kand ass. Iwwer Eduguichet.lu kënnt Dir och verschidde schoulesch Dokumenter, wéi Schoulzertifikater an Zensuren consultéieren.

Och d'Aschreiwunge fir dat nächst Schouljoer wäerten iwwer Eduguichet.lu gemaach ginn. Mir informéieren Iech, soubal mir méi konkret Informatiounen hunn.

Mir soen Iech Merci fir Är Ënnerstëtzung bei der Ëmsetzung vun dëse Reegelen a fir Äert Vertrauen an eis Schoul. Zesumme mat den Elteren, Schüler, den Enseignanten an de verschiddene Servicer wëlle mir zu engem konstruktiven, rouegen an erfollegräiche Schouljoer bäidroen.

Mat frëndleche Gréiss,
D'Direktioun

# Elterenowenter

**Elterenowend 6P, 5P, 5AD, CIP, CPSTO, CPA**

13.10.2026 - 18h30
Festsall

**Elterenowend 7C, G, G-FR, P, P-FR**

17.10.2026 - 18h30
Festsall

**Elterenowend 6C, G**

18.10.2026 - 18h30
Festsall

**Elterenowend 5C, G**

24.11.2026 - 18h30
Festsall

**Elterenowend 4C, G**

12.01.2027 - 18h30
Festsall

**Elterenowend 5CP, 5AD, CIP, COP, CPA**

22.03.2027 - 18h30
Festsall

# Save the date

**Teambuilding 7C1**
05.10.2026

**Teambuilding 7G-FR4**
06.10.2026


**Teambuilding 7G1**
07.10.2026

**Teambuilding 7G2**
09.10.2026

**Teambuilding 7C2**
12.10.2026

**Teambuilding 7G3**
14.10.2026

**Teambuilding 7G-FR5**
06.10.2026









# Save the date



## Stage CIP/CPSTO/CPA

19.10.2026-24.10.2026
& 18.01.-29.01.2027




## Semaine de la démocratie

26.10.-30.10.2026
An der Demokratiewoch geet et em Theme wéi Demokratie a Gesellschaft an d'Vertriede vun de Schüler hirer Stëmm.



## DayCare fir d'2e an d'3e

28.10.2026
Wärend dem DayCare kënnen d'Schüler vun 2e an 3e wärend engem Dag d'Beruffsliewen an engem Betrib entdecken. Dëst soll hinne bei hirer Beruffsorientéierung hëllefen.



## Winter Moments

27.11.2026-29.11.2026
& 4.12.2026-6.12.2026
Mamer Wantermaart



## Concert 7e @ Winter Moments

29.11.2026
Mamer Wantermaart
D'Detailer iwwert d'Auerzäit komme no




## Wantermaart am LJBM

14.12.2026
LJBM

# Save the date




### Leschte Schouldag virun der Allerhellegevakanz

30.10.2026




### Leschte Schouldag virun der Chrëschtvakanz*, 7e - 1re

15.12.2026 . 11:50

1re Schüler kënnen an där Woch nach convoquéiert gi fir TP, Prüfungen, etc.

*Vum 16. bis den 18.12.2026 fannen individuell Elteregespréicher statt fir d’Klasse vu 7e-5e.

### Leschte Schouldag virun der Chrëschtvakanz, BTS

18.12.2026




### Leschte Schouldag virun der Summervakanz*

09.07.2027

*Bis de 15.07.2027 kënnen nach Elteregespréicher fir all d’Klasse stattfannen.



### Aschreiwungen an e neie Lycée

Viraussiichtlech vum 16. bis den 20.07.2027

# Remediatiounen

## Les mesures en un coup d’œil




## Calendrier, horaire, durée et places disponibles

### Début des mesures de remédiation : 5 octobre

- Sauf 7G – heures Sprooche + en après-midi : dès la rentrée pour tous les élèves afin de déterminer les besoins (les auditoires seront adaptés sur base des besoins des élèves)

### Calendrier

**1er trimestre :**
- du 5 octobre au 11 décembre 2026 (dernier jour de classe : 15 décembre 2026)

**2e trimestre :**
- du 4 janvier au 19 mars 2027 (dernier jour de classe : 23 mars 2027)

**3e trimestre :**
- du 12 avril au 2 juillet 2027

### Participation sur besoin ponctuel

- En cas de besoin ponctuel et spécifique, un élève peut s’inscrire via Webuntis à une remédiation p.ex. pour recevoir une aide spécifique à un devoir à domicile, un appui spécifique centré sur une question précise etc.

### Places disponibles :

**Coaching & coaching redoublants, cours d’appui, étude dirigée, étude surveillée :**
- Au max. 7 places longue durée par cours
- Au max. 3 places pour inscriptions ponctuelles par cours

**Appui STARE :**
- Au max. 5 places pour inscriptions ponctuelles par cours

# Activités péri- et parascolaires

Den LJBM bitt eng grouss Auswiel un ausserschouleschen Aktivitéiten, déi den Interessen an Talenter vun de Schüler gerecht ginn.

- Makerspace & Fix it Atelier : erschafen, reparéieren, experimentéieren
- First Lego League : International Kompetitioun am Programméieren an an der Robotik
- Science Club, Schachclub a Virbereedung op Mathematiksconcoursen
- Josy S(w)ings: Musik maachen, en Instrument spillen oder sangen
- Theater, Fotografie a Liesclub.
- Kreativatelieren: Broderie, Bitzatelier, Kachatelier a Gladdermailchen.
- Éischt Hëllef: Grondkenntnisser an Éischt-Hëllef-Mesuren.
- Mérite Jeunesse: Perséinlech Entwécklung duerch sportlech, kulturell a sozial Projeten.
- Sport a Multisport: Dodgeball, Fussball, Fitness, Schwammen, Mountainbike, Basketball, Handball, Parcours, Klammen, Tennis, Badminton a vill aner Sportaarten.




Fir weider Informatiounen invitéiere mir lech däse Link ze consultéieren.

# Edukativ Sortien, Visitten a Schoulreesen



## Visitt vu ProClima zu Schwetzingen (D)

Den 2. Oktober hunn eis 1TPGC1-Schüler d'Chance, un engem flotte Workshop zum Thema "Energieeffizientes Bauen" deelzehuelen. Dofir besichen si ProClima, eng däitsch Baufirma, déi sech op Bauphysik an Ofdichtunge vu Gebaier spezialiséiert huet.
Interessant ass virun allem, datt ProClima net nëmme Produkter verkeeft, mee och op technesch Berodung a Formatioune setzt.




## Schoulausfluch 4C, 5G

Den 9. November ginn d'4eC an d'5eG-Schüler an de Science Center zu Uewerkuer. Do kënnen si duerch interaktiv Experimenter a Statiounen op eng spilleresch Aart a Weis méi iwwer Wëssenschaft an Technik léieren.



## Studentefoire fir d'2e an d'1re

Op der Studentefoire kann een sech iwwer verschidde Studiegäng, Universitéiten a Beruffer informéieren. Et kann ee mat Schoulen an Universitéite schwätzen, Froe stellen a sech iwwer d'Méiglechkeeten no der Schoul orientéieren. Dofir ginn eis 2e a 1re Schüler den 29.10.2026 vun 9:00 - 12:00 an d'Coque.




## digitalBAU

Den 13. bis de 15.01.2027 ginn d'Schüler vun de Klassen 1TPGC, 2TPGC, DC3DB an DC2DB op d'digitalBAU zu München, e Salon iwwer Architektur, Baumaterialien a Bausystemer. De Fokus läit op Digitaliséierung, BIM, kënschtlecher Intelligenz a Software fir de Bau. Et kann een nei Technologien a modern Léisunge fir d'Bauindustrie entdecken.

# Edukativ Sortien, Visitten a Schoulreesen



## Classe de neige, Hinterglemm (AT)

23.01-30.01.2027

Och 2027 fiert den LJBM nees mat de 6e-Klassen op Hinterglemm an Éisträich. Do kënnen d'Schüler Schi fueren, an de Bierger wanderen a Schlitt fueren. Et ass eng Kombinatioun aus Sport, Zesummeliewen an Entdeckung vun der Natur.




## Naturstage zu Holzgau (AT)

08.05.-15.05.2027

Zu Holzgau kënnen d'3e-Schüler d'Bierger an d'Natur an Éisträich entdecken an un sportlechen Aktivitéiten deelhuelen.
D'Wanderungen am Grupp oder de Rafting stäerken de Klassen hiren Zesummenhalt. An enger wonnerschéiner Bierglandschaft mat grénge Wisen, héije Bierger a frëscher Natur, verbrénge si hir Fräizäit mateneen a sammelen nei Erfarungen.

Am Laf vum Schouljoer kommen nach vill aner flott Reesen an Aktivitéiten dobäi, bei deenen eis Schüler nei Plazen entdecke kënnen a vill schéin Erfarunge sammelen.



# Mobilitéit

## Avis iwwer d'Perturbatiounen am Busverkéier 2026/27

Vum 24. August 2026 bis ongeféier August 2027 ginn et wéinst Bauaarbechten zu Schouweiler Ännerunge bei verschiddene Buslinnen. Wéinst de Bauaarbechte mussen e puer Buslinnen ëmgeleet ginn, verschidden Arrête falen ewech an d'Linnen hunn deelweis aner Offaartszäiten.

- E15 – Course 3401: Ëmleedung iwwer CR106 → Dahlem → N13 → Dippach, duerno normale Parcours. Sprinkange-Um Kierker an Schouweiler-Bei der Schoul ginn net bedéngt. Schouweiler-Kiirch gëtt duerch Schouweiler-Kierfecht ersat.

- G07 – Course 3700: Ëmleedung iwwer CR106 → Dahlem → N13 → Dippach → Rond-point → Route de Longwy → CR103 a Richtung Sprinkange, duerno normale Parcours. Déi selwecht Ëmleedung gëllt an der Géigerichtung fir d'Course 6221 an 6821. D'Course 3700 fiert 10 Minutte méi fréi, z. B. Schouweiler-Kastill um 7:20 Auer. Schouweiler-Kiirch gëtt duerch Schouweiler-Kierfecht ersat.

- D21 – Course 3581: Ëmleedung iwwer CR106 → Dahlem → N13 → Dippach. An der Géigerichtung gëllt dat fir d'Course 5620, 6190 an 6700. Sprinkange-Um Kierker an Schouweiler-Bei der Schoul ginn net bedéngt. Schouweiler-Kiirch gëtt duerch Schouweiler-Kierfecht ersat.

- 711: Ëmleedung iwwer CR106 → Dahlem → N13 → Dippach. Sprinkange-Um Kierker, Schouweiler-Bei der aler Schoul an Schouweiler-Bei der Schoul ginn net bedéngt. Schouweiler-Kiirch gëtt duerch Schouweiler-Kierfecht ersat. Schouweiler-Belair gëtt aussergewéinlech bedéngt. Mobiliteit
- 750: Ëmleedung iwwer Rue de Bascharage (CR106A) → N13. Schouweiler-Kiirch gëtt net bedéngt.

- N07 – Course 3581: Ëmleedung no Dippach-Rond-Point iwwer N13 → Dahlem → CR106 → Schouweiler. An der Géigerichtung gëllt dat fir d'Course 6370. Sprinkange-Um Kierker, Schouweiler-Bei der aler Schoul an Schouweiler-Bei der Schoul ginn net bedéngt. Schouweiler-Kiirch gëtt duerch Schouweiler-Kierfecht ersat.

Fir weider Informatiounen invitéiere mir Iech dëse Link ze consultéieren.

# Mobilitéit

## Avis iwwer d'Perturbatiounen am Busverkéier 2026/27

Wéinst engem Chantier an der rue de Keispelt zu Kielen kënnt et zu e puer Perturbatiounen am Busverkéier.

- Vum 6. Oktober bis den 1. November 2026 fueren d'Busse vun de Linnen 921, D28, D51, E22, G08, G13, H08 a MH2 bis op den Arrêt Kielen, Bei Fiewer. Duerno dréine si ëm iwwert d'rue d'Olm → Juddegaass → CR103 → N12 → Quatre-Vents. Vun do aus fueren si nees op hirem normalen Itinéraire weider. An déi aner Richtung leeft den Trajet ëmgedréint.
- Den Arrêt Kielen, Schaarfeneck gëtt dobäi net bedéngt.
- D'Linn M12 fiert um Arrêt Bei Fiewer zu Kielen lass. Fir an déi aner Richtung ass dësen Arrêt den Terminus.
- Och hei gëtt den Arêt Schaarfeneck net bedéngt.

Wärend der Ëmleedung ass den Arrêt Schaarfeneck also gestrach. Benotzt w.e.g. den Arrêt Bei Fiewer als Alternativ.

Fir weider Informatiounen invitéiere mir Iech dëse Link ze consultéieren.



# Kënschtlech Intelligenz




## E kuerzen Iwwerbléck fir d'Elteren

### De Mensch steet am Mëttelpunkt




KI kann d'Léieren nëmmen ënnerstëtzen, wann d'Denken, d'Urteelsvermëigen, d'Kreativitéit an d'Gestaltung vu Bezéiunge letztlech beim eenzelne Mënsch bleiwen kënnen.

### ›Erweidert Intelligenz‹ als Leitbild



KI gëtt als Co-Agent verstanen, dee kloer definéierte pedagogeschen an organisatoreschen Ziler déngt – mat transparenter Notzung an enger konsequent mënschlecher Verantwortung.

### Etappen vun der KI-Notzung



Eise Lycée setzt op e progressiven, spiralfërmegen Opbau: fir d'éischt ouni KI grondleeënd Fäegkeete sécheren, duerno léieren, d'KI ze verstoen, an eréischt dann reflektéiert mat KI schaffen.

### Digital Räift



D'Aart a Weis, wéi KI genotzt gëtt, hänkt och vun der digitaler Räift vun de Léierenden of, déi an der Reegel ëm dat 16. Liewensjoer asetzt. Dësen Alter soll awer net als strikt Grenz ugesi ginn.

### Risike fir Jugendlecher



Falsch oder manipuléiert Inhalter, Biasen, Deepfakes a Privatsphär-Risiken duerch d'KI sinn e grousse Risiko. Doriwwer eraus kann d'Ofhängegkeet vu KI déi eege Fäegkeeten, Kompetenzen a sozial Bezéiungen negativ beaflossen.

## A. Allgemeng Grondlagen vun der KI-Notzung



### Kritesch sinn

KI ka Feelinformatiounen, Deep Fakes, Biasen a weider problematesch Inhalter produzéieren.

Äntwerten, ma och Biller, Videoen a verschiddenst Zorte vun Texter sollten dohier ëmmer mam eegene Wëssen a mat zouverlässege Quelle verglach ginn.



### D'Privatsphär schützen

Perséinlech Informatiounen a privat Biller kënnen op Servere gespäichert ginn. Hir wieder Notzung ass net ëmmer kloer.

Et sollen nimools sensibel oder perséinlech Donnéeë mat KI-Tools gedeelt ginn.

Besonnesch virsichteg mus ee mat Fotoen, Eegennimm, Adressen, Telefonsnummeren a Passwierder sinn.



### Mënschlech Bezéiunge stäerken

KI ass kee Mënsch a kee Frënd. Bei perséinleche Problemer oder Suerge si vertraut Mënschen déi besser Uspriechpartner. U si soll een sech wenden.

Aus dësem Grond ass et wichteg, reell Kontakter a sozial Bezéiungen ëmmer als prioritär unzegesinn.

KI ass nimools en Ersatz fir Berodung oder Frëndschaft a ka keng authentesch emotional Ënnerstëtzung bidden.



### Éierlech sinn

KI kann – ënnert anerem – Iddie strukturéieren, Brainstorming ënnerstëtzen a Konzepter erklären.


D'KI-Inhalter sollen allerdéngs net ongepréift iwwerholl ginn. Doriwwer eraus soll d'Notzung transparent gemaach ginn a KI-generéiert Inhalter net als eege Leeschtung ausgi ginn.

Insgesamt entscheet an der Schoul ëmmer d'Léierpersoun, op de KI-Asaz pedagogesch sënnvoll a léierfërdernd ass.

D'Experte vu BeeSecure hunn en hëllefräichen, no Alter gestaffelte Leetfuedem an dräi Sproochen erstallt, deen dobäi hëlleft, e konstruktiivt Gespréich mat Kanner zum Thema Kënschtlech Intelligenz kënnen ze féieren.

## B. Reegele vun der KI-Notzung an der Schoul

### Erlabnis



Léierend mussen déi ausdrécklech Erlabnis vun hirer Léierpersoun kréien, fir KI benotzen ze dierfen.

### Transparenz



Léirend mussen dat benotzt Tool, den Zweck a, wann et zoutrëfft, d'Prompts transparent uginn, wa si mat der Erlabnis vun der Léierpersoun KI benotzt hunn, fir eng Aufgab ze maachen oder e Projet duerchzeféieren.

### Reflexioun



Léirend musse bei Hausaufgaben oder Projete mat KI-Notzung eng geschriwwe Reflexioun iwwer dësen Asaz ofginn, wann hir Léierpersoun dat verlaangt.

### Prüfungen



Léirend dierfe bei Prüfunge keng KI benotzen, ausser et gëtt am Viraus schrëftlech eppes ofgemaach.



Source: https://ki-kompass.lu/wp-content/uploads/2026/02/EN_CadreStrategique_KI-_-v5.pdf
https://www.bee-secure.lu/de/publikation/ueber-ki-mit-seinem-kind-sprechen/


Hiweis: Bildinhalter KI-generéiert

# Kontakter

Fir déi verschidden Enseignanten ze kontaktéieren, biede mir Iech eisen Annuaire ze consultéiren: Kontakter Enseignanten

# Réckbléck

Eis Réckblécker fannt Dir op Instagram a Facebook, andeems dir op dës Buttons klickt:




**Lycée Josy Barthel Mamer (LJBM) | Mamer**

Lycée Josy Barthel Mamer (LJBM). Mamer. 2 902 followers · 43 en parlent. Lycée Josy Barthel Mamer (LJBM) [official...

facebookapp